



hunn, evident, dass, wa Lëtzebuerg sech an deem Beräich den internationalen Entwécklungen, déi déi allgemeng Digitalisatioun vun der Wirtschaft mat sech bréngt, net uschléisst, an deem Fall nach vill méi Aarbechtsplazen a Gefor sinn. Gläichzäiteg däerf een effektiv och net vergiessen, dass dës Ännerungen nei Plaze kënnen schafen.

E weideren Aspekt, deem natierlech och immens wichteg ass an dëser Diskussioun, ass dee vum Dateschutz. D'Gesetz a senger endgültiger Form schafft e präzise legale Kader, wat d'Externalisatioun, also d'Auslagerung vun Dängschtleschtungen an Informatiounen be-  
trëfft.

Et ginn zwee Fäll envisagéiert. Zum enge-  
n eng Externalisatioun an eng aner Firma, déi och der Kontroll vun der CSSF, der EZB an och dem Commissariat aux assurances ënnerläit, an zum aneren eng Externalisatioun un all aner Firma. Domat gëtt déi ursprénglech dräifach Ënnerscheidung, déi nach tëscht de Begrëffer „intra-“ an „extra-group“ ënnerscheet huet, opge-  
heween.

All Auslagerung, all Externalisatioun muss de strenge Kritären, wéi se ënner anerem am Ge-  
setz vum 2. August 2002 zum Dateschutz defi-  
néiert sinn, gerecht ginn an derfir suergen, dass d'Qualitéit vun de Servicer garantéiert ass. Zu deem Zweck gesäit de Gesetzesprojet och verschidden Dispositiounen zur interner Orga-  
nisatioun vun deene Firme vir. De Client muss doriwwer eraus säin Accord zu der Sous-trai-  
tance ginn, dat ass ganz wichteg.

De Statsrot hat a sengem éischten Avis zwou  
Oppositionen formelles artikuliert. Dobäi goung  
et zum enge-  
n ëm de Champs d'application  
vum Règlement 2015/751 an d'Missiounen  
vun der CSSF an dësem Kader. De Statsrot hat  
do suggeréiert, d'Opzielung vun de viséierten En-  
titéite falen ze loos-  
sen. Zum anere wollt de  
Statsrot weider Präzisatiounen zu enger Formu-  
latioun am Artikel 14, déi eventuell am Wider-  
sproch zu dem Europäesche Règlement gesta-  
nen hätt. Do dernieft hat de Statsrot och nach  
verschidden aner Bemerkungen, Observatioun-  
en ze maachen, virun allem zum Dateschutz.  
En huet festgestallt, dass verschidden Artikelen  
e bësse méi präzis kéinte sinn, fir ze verhënn-  
eren, dass et zu enger juristescher Unsicher-  
heet kéim, an en huet insistéiert, dass sech all d'Ak-  
teuren un d'Gesetz vum 2. August 2002 mis-  
sen halen.

D'Regierung ass deenen Opfuerderungen an  
hiren Amendementer nokomm. An esou konnt  
de Statsrot a sengem éischten Avis complé-  
mentaire och seng Oppositionen formelles op-  
hiewen. D'Finanzkommissioun huet op Uree-  
gung vum Statsrot mat hire parlamentareschen  
Amendementer och nach eng Kéier nogebe-  
sert a verschidden Elementer ugepasst. Fir  
d'Detailer verweisen ech do op mäi schrëft-  
leche Rapport.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen,  
Merci fir Är Gedold an dësem techneschen  
Dossier. Erlaabt mer, alle Kommissionsmem-  
beren en Dank auszeschwätze fir hirt Mat-  
schaffen un dësem Text. E besonneschen Dank  
de Spezialisten aus dem Finanzministère  
souwéi dem Caroline Guezennec an dem Yan  
Sales.

Zum Schluss ginn ech dann och am Numm  
vun menger Fraktioun, der DP-Fraktioun, den Ac-  
cord fir dëse Projet de loi.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci  
och. Den Här Mosar huet d'Wuert.

## Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, Merci fir  
d'Alleréischts dem Rapporteur, deem dat mat  
der gewinnter Akribie gemaach huet, fir eis am  
Detail an awer an enger klorer Sprooch déi oft  
schwéier verständlech technesch Detailer  
vun deem Projet elo nach eng Kéier duerzeleeën.

Ech soen direkt, datt mir dee Projet hei wäerte  
stëmmen, mä datt mer eis et awer net einfach  
gemaach hunn, Här Minister, well, an ech  
mengen, de Rapporteur huet dat och in ex-  
tenso hei ausgeféiert, an dësem Projet de loi  
ass ee Volet, deem allegueren de Kolleegen,  
och vun der Majoritéit, awer Suerge mécht.  
Dat ass dee vum Outsourcing vun enger Rei  
vu Bankservicer op där enger Säit, et ass awer  
op där anerer Säit och den Transfer vu Bankdaten.

An ech muss Iech och ganz kloer hei soen,  
wann de Projet esou, wéi en am Ofank vun der  
Regierung deposéiert gi war, haut zum Vott  
komm wär, hätte mir en net gestëmmt. Et ass  
awer esou, datt duerch déi exzellente Aarbecht

vum Statsrot den Text wesentlech verbessert  
ginn ass an och e klore legale Kader geschaaft  
ginn ass, wat déi Externalisatioun vu Servicer  
an Daten ugeet.

Allerdéngs soen ech dann awer och nach eng  
Kéier hei, datt mir eigentlech e bësse regret-  
téieren, datt mir an engem Moment, wou - an  
dat begrësse mir - d'Regierung ganz vill Efforte  
mécht, fir hei den ICT-Ständuert ze renforcéieren,  
fir och elo e groussen Datenzenter hei  
opzemaachen, et awer net fäerdegbréngen,  
d'Daten hei kënnen selwer ze späicheren, datt  
do d'Banken elo obligéiert sinn, fir déi Daten  
an d'Ausland virunzeginn. Mir stellen eis och  
d'Fro: Wat sinn eigentlech d'Grënn? Ass et e  
Grond, datt mer net den Know-how hei zu Lët-  
zebuerg hunn? Si mer ze deier, fir deen Depot  
vun Daten ze maachen? Ech mengen, alles dat  
si Froen, déi ee sech awer trotzdeem berech-  
tegtweis muss stellen.

Wat awer fir eis entscheidend ass fir eis Deci-  
sion, ass, datt elo ganz kloer ass, datt, wann  
eng Bank Date vun engem Client wëllt un en  
Drëttsstat ginn, dann en Accord vun deem  
Client muss virleien. A wann de Client domad-  
er net d'accord ass, kann e säi Kont zoumaa-  
chen a mat senger Bankdaten enzwousch  
aneschters goen.

A wat fir eis gradesou wichteg ass: Wann en  
trotzdeem säin Accord gëtt, ass sécher gestallt  
am Projet de loi - am Gesetz, wat mer haut  
stëmmen -, datt déi Garantien, déi jiddwereen  
hei zu Lëtzebuerg par rapport zum Dateschutz  
huet, och musse respektéiert ginn, wann déi  
Daten an d'Ausland an ausserhalb vun der EU  
ginn. Dat heescht, de Client huet deeselwechte  
Level vun Dateschutz wéi hei zu Lëtzebuerg. Et  
ass also eng Zort vun Obligation de résultat,  
déi do besteet.

Mir soen also, datt dee Projet hei wesentlech  
verbessert ginn ass, an duerfir wäerte mir och  
eisen Accord dozou ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci.  
Dann huet d'Wuert den Här Haagen.

► **M. Claude Haagen (LSAP).** - Jo, Merci, Här  
President. Mat engem Merci un de Rapporteur  
fir säi gudden, ausféierleche schrëftlechen a  
mëndleche Rapport a mat all deenen Iwwer-  
leeungen, déi scho gemaach gi sinn an de  
Kommissiounen zu deem heite Projet de loi,  
wou jo dorunner geschafft ginn ass, ginn ech  
den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Den  
Här Kox, wann ech gelift.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Jo, Merci, Här  
President. Och ech wëll mech de Mercien un  
de Rapporteur fir säin ausféierleche Bericht  
uschléissen a gi gläichzäiteg den Accord vun  
der grénger Fraktioun.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** -  
Merci. Den Här Wagner, wann ech gelift.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Jo, Merci,  
Här President. Et ass scho gesot ginn, dëse  
Projet de loi, deem huet vill Suerge bereet, an zu  
Recht, notament deene vun der Saliariats-  
kummer, well et ëm Outsourcing geet vun der  
Gestion administrative et informatique vun  
enger ganzer Rei vu Servicer. An ech mengen,  
dat geet zréck op eng Demande vu grësseren  
Akteuren vun der Place financière, well se esou  
eng ganz Rei vu Käschte kënnen drécken.

Elo besteet d'Gefor, datt immens vill Aar-  
bechtsplaze verschwannen. Bis zu 13.000 Aar-  
bechtsplaze kéinte verschwannen, dat ass och,  
wat d'Chambre des Salariés seet, reell Aar-  
bechtsplazen op jidde Fall, déi elo existéieren,  
en attendant datt vläicht potenziell Aarbechts-  
plazen am Kader vun engem definitiven oder  
potenziellen oder wat fir engem Brexit och ëm-  
mer sech kéinten hei niddlelossen.

Ech mengen, dëse Projet de loi illustréiert awer  
relativ gutt, a wat fir eng Zort vun Ofhän-  
gegkeet mer ëmmer méi geroode par rapport  
zur Finanzplaz. Dat heescht, datt mer an  
engem Drock sinn, fir op potenziell Aarbechts-  
plazen ze waarden, datt mer reell Aarbechts-  
plazen zerstéieren an datt u sech eng Plus-  
value, déi hei geschafe gëtt, externaliséiert gëtt.

Mir mengen, datt dëse Projet de loi net gutt  
ass. Mir wäerten deem net zoustëmmen, well  
mir sinn net der Meenung, datt et am Interessi  
vun de Salariéen hei zu Lëtzebuerg ass, dëse  
Projet de loi ze ënnerstëtzen, well eben all déi  
Servicer, déi si hei leeschten a weiderhi kënnen  
leeschten, well déi Servicer aus anere Grënn,  
finanzielle Grënn, op anere Plaze wäerte ge-  
leescht ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci  
och dem Här Wagner. An den Här Finanzminis-  
ter huet d'Wuert.

## Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Fi-  
nances.** - Merci, Här President. Ech géif gär fir  
d'Éischt dem Rapporteur fir säi schrëftlechen a  
mëndleche Bericht Merci soen, dee ganz kom-  
plett war. Ech mengen, dass alles beliicht ginn  
ass. Bei de Kommentaren, déi gemaach gi sinn,  
freeën ech mech, dass mer awer eng breet  
Zoustëmmung hei an der Chamber fanne fir  
dëse Projet de loi, dee ganz wichteg ass. En ass  
en fait net nëmmen technesch, en huet och  
ganz vill konkret Implikatiounen.

Ech géif och gären ënnersträichen, dass dat  
heien a mengen Aen eng gutt Zesummenaar-  
becht war mat der Cofibu, mat der Kommis-  
sioun, déi dofir zoustänneg ass. An ech sinn  
d'accord mat deenen, déi gesot hunn, dass  
mer den Text doduerch verbessert hunn. Dat  
ass jo eng gutt Noriicht an eng gutt Zesum-  
menaarbecht, déi mer all hei kënnen begrëissen.

Ech géif gäre fir d'Éischt emol soen, dass deen  
een Aspekt, deem net kontroverséiert war - fir  
d'Kommissioun méi niddreg ze hale wéi dat,  
wat am Règlement communautaire virgesi  
war -, eng Mesure ass, déi dem Commerce ze-  
guttkennt. An ech mengen, grad an enger Zäit,  
wou de Commerce vill leit weinst der Konkur-  
renz vum Commerce électronique, war dat eng  
wichtig Decisioun, dofir wëll ech dat hei ën-  
nersträichen.

Den zweeten Aspekt, dee vum Changement  
vum Artikel 41, war natierlech e méi kompli-  
zéierten. An ech mengen, dass mer hei elo eng  
équilibréiert Léisung fonnt hunn, équilibréiert  
tëschen zwou Saachen, de Rechter vum Client  
an dem Dateschutz vum Client op där enger  
Säit, an zweetens, der indispensabler Transfor-  
matioun, déi mer amgaange sinn ze maachen,  
wat de Secret professionnel zu Lëtzebuerg  
duerstellt.

An ech géif gären ënnersträichen, dass a  
mengen Aen déi Changementer, déi mer hei  
maachen, zur Attraktivitéit vun der Finanzplaz  
wäerte bäidroen a mat sech bréngen, dass mer  
eng ganz Rëtsch positiv Elementer wäerten  
hunn, déi eis an Zukunft wäerten hëllefen.  
Hätte mer näamlech de Secret professionnel  
hei net moderniséiert, géife mer zu Lëtzebuerg  
vill aner Aarbechtsplaze schafen (veuillez lire:  
net schafen) wéi déi, déi hei eventuell a Gefor  
sinn.

Ech erkläre mech: Mir sinn effektiv an enger Si-  
tuatioun, wou d'Gruppe versichen, hir Coûten  
an de Grëff ze kréien. A si soen eis: „Fir dat ze  
maachen, misste mer eng Zentralisatioun vun  
den Date maachen.“ Dat geschitt net nëmmen  
zu Lëtzebuerg, dat kann zu Lëtzebuerg ge-  
schéien, et kann awer och am Ausland ge-  
schéien, an dat gëtt elo duerch dat heite Ge-  
setz méiglech. Et gëtt méiglech, awer et si Ga-  
rantien do fir d'Clienten, fir dass, en cascade,  
do den Dateschutz geséchert ass.

Mä doduerch, dass mer déi Méiglechkeet haut  
hunn, wäert et an Zukunft méiglech sinn, nei  
Gruppen hei op Lëtzebuerg ze kréien oder an  
existéierende Banke méi Substanz op Lëtze-  
buerg ze kréien. An anere Wieder: Doduerch,  
dass mer dat heite maachen, schafe mer méi  
héichwäerteg Valeur ajoutée op eiser Finanz-  
plaz. Mir verléiere verschidde Plazen, déi net  
ganz qualifizéiert sinn oder net esou vill quali-  
féiert sinn, a mir wäerte méi héichkarätereg op  
Lëtzebuerg kréien. Ech géif dat „qualitative  
Wuesstum“ nennen. Dat ass dat, wat mer hei-  
madder maachen.

An zum Schluss wëll ech soen: Dat, wat an de  
Raum gestallt gëtt - dass dat hypotheetes-  
chier, dass mer doduerch méi Investissementen  
op Lëtzebuerg kréien -, ass net richtig. Am  
Kontext Brexit, am Kontext vun de FinTech-En-  
treprises, déi mer zu Lëtzebuerg schonn uge-  
zunn hunn, kréie mer d'Confirmatioun, dass  
doduerch, dass mer dat heiten elo maachen,  
déi Moderniséierung vum Secret professionnel,  
dass se grad dofir op Lëtzebuerg kommen. An  
ech mengen, dat war wichteg, dass een dat  
nach eng Kéier hei gesot huet.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci  
och dem Här Finanzminister. Domat si mer um  
Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a mir  
kënnen iwwert de Projet de loi 7024 of-  
stëmmen.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi 7024 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi  
perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.  
An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

58-mol Jo, zweemol Nee. Domat ass de Projet  
7024 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie  
Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher,

Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf,  
Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch,  
MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen  
(par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers,  
Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar,  
Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank,  
Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler,  
Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et  
Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes  
Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten,  
Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di  
Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude  
Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone  
Beissel, M. Eugène Berger, MM. Frank  
Colabianchi, Lex Delles (par M. Gusty Graas),  
Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max  
Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy  
Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini),  
Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri  
Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M.  
Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy  
Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete  
Vott ze ginn?

## (Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir kommen zum Projet 7128, e Projet, deem  
zur Bekämpfung vum Blanchiment an dem Fi-  
nanzement vum Terrorismus soll bäidroen.  
D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An  
d'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här  
Eugène Berger.

## 14. 7128 - Projet de loi portant

**1. transposition des dispositions ayant trait aux obligations professionnelles et aux pouvoirs des autorités de contrôle en matière de lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme de la directive (UE) 2015/849 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2015 relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux ou du financement du terrorisme, modifiant le règlement (UE) n°648/2012 du Parlement européen et du Conseil et abrogeant la directive 2005/60/CE du Parlement européen et du Conseil et la directive 2006/70/CE de la Commission;**

**2. mise en œuvre du règlement (UE) 2015/847 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2015 sur les informations accompagnant les transferts de fonds et abrogeant le règlement (CE) n°1781/2006;**

## 3. modification de:

**a) la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme;**

**b) la loi modifiée du 10 novembre 2009 relative aux services de paiement;**

**c) la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat;**

**d) la loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice;**

**e) la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;**

**f) la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;**

**g) la loi modifiée du 10 juin 1999 portant organisation de la profession d'expert-comptable;**

**h) la loi du 21 décembre 2012 relative à l'activité de Family Office;**

**i) la loi modifiée du 7 décembre 2015 sur le secteur des assurances;**

**j) la loi du 23 juillet 2016 relative à la profession de l'audit**





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries:

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg  
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Eugène Berger** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President, effektiv, de Projet de loi 7128 huet als Objektiv eng Transposition vum der véierter Direktiv „antiblanchiment“ an och d'Ëmsetzung vun dem Reglement 2015/847 betreffend d'Informationen am Kader vum Transfer vu Fongen. En héiert sech a priori technesch un, mä de Kontext vun deem Projet de loi ass awer e ganz wichtege.

Wat ass dee Kontext? Mä dee Kontext, dat ass de Kampf géint d'Wäisswäsche vu Suen, méi speziell am Kader vun der Lutte géint den Terrorismus an déi organiséiert Kriminalitéit. Wann een Terrororganisationen de Krunn zoudréint, ass dat sécherlech e gudde Wee, fir se onschiedlech ze maachen. Wa sech Kriminalitéit net méi rentéiert, well een net méi mat onéierlech Geld ka Business maachen, well een dat Geld net méi ka propper maachen, da kann een effektiv effikass géint d'Verbreedung vu kriminellen Banden, vu kriminellen Aktivitéite virgoen.

Wann ee wëllt terroristesch Attentater, Mënschen-, Drogen-, Waffenhandel effikass bekämpfen, dergéint virgoen, da muss een och ëmmer erëm resolutt géint all déi onéierlech Geldstréim virgoen, well och do ass et wéi esou oft: Mat de Sue steet a fällt alles! Wann een also do kann den Hiewel usetzen, dann ass et do, wou een am beschte kann dergéint kämpfen.

Wat och wichtig ass an der Lutte géint den Terrorismus an déi organiséiert Kriminalitéit, dat ass, dass een eng gemeinschaftlech Approche huet, dass een do zesummeschafft. An an Europa versiche mer - net nëmmen „versiche mer“, mä hu mer dat scho säit laange Jore gemaach -, do zesummenzeschaffen, zesumme rechtlech Kaderen op d'Been ze setzen, fir géint dës Ploe virzegoen.

Mir fänken hei och net bei null un. Et ginn europäesch Reglementationen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg och scho Gesetzer an der Matière, an der Lutte antiblanchiment. An et ass eigentlech esou, dass ëmmer erëm eng Emergenz ass vun neien, ech soen emol „technesch“ Méiglechkeeten, well nei Konstrukter entstinn, fir Geld ze wäuschen a fir Geld weiderzeginn. Duerfir ass et wichtig, fir sech ëmmer erëm dorobber ze adaptéieren. Et ass heiansdo e bësse wéi eng Course, wou een dann hoffentlech net hannendruleeft, mä wou ee ka grad esou schnell lafen, fir kënnen déi legal Kaderen ze adaptéieren, fir kënnen effizient géint d'Geldwäscherei virzegoen.

Dëst ass déi véiert Direktiv an deem Domän, mä, wéi gesot, Adaptatione sinn ëmmer noutwendeg, respektiv Verschäerfungen vu verschiddene Mesuren, déi mer schonn an der Vergaangenheet haten, ginn hei virgeholl.

Et ass och esou, dass eng fënnef europäesch Direktiv an der Maach ass. An et wäert dann och esou sinn, dass mer an net allze wäiter Zukunft vläicht dann erëm mat neien Texter wäerte kommen, fir dat dann erëm ze adaptéieren. Et kéint ee sech eigentlech froen: Firwat net direkt op déi nei Direktiv waarden? Et schéngt, wéi wann aner Länner déi Option an d'A gefaasst hätten oder hunn. Bon, et kann ee soen: „Bréissel drängt wéi ëmmer op d'Ëmsetzung vun där Direktiv.“ Dat hei ass eng wichtig Matière. Mir sinn net grad am Verzug, mä et ass awer wichtig, dass mer dat elo wierklech ëmsetzen.

Mä ech mengen, virun allem Lëtzebuerg huet egal wéi all Interêt, dës Direktiv ëmzesetzen, well mer als grouss a wichtig international Finanzplaz eng besonnesch Responsabilitéit hunn. Hei sollt mer keen Doute opkomme loossen un eiser Determination, fir eisen Deel

derzou bäizedroe géint d'Wäisswäsche vu Suen, am Kampf géint den Terrorismus an am Kampf géint d'organiséiert Kriminalitéit! Well mir hunn et jo fäerdegbruecht - ech géif soen trotz LuxLeaks -, mat engem Paradigmewissel an eiser Politik fir Transparenz op der Finanzplaz vun alle groen a schwaarze Lëschten erofzekommen an erëm e gudden Image dobaussen an der Welt ze hunn. Duerfir ass et och wichtig, dass mer hei mat der Ëmsetzung vun där Direktiv am Moment eis Determination ënnersträichen a resolutt op deem Wee weiderginn.

Dat vläicht als allgemeng Remark, fir awer de Kader ze setze vun deem, wéi gesot, méi technesch Projet, fir einfach ze ënnersträichen, dass mer hei wierklech e wichtege Domän ofdecken an dass mer wierklech och mussen all Soin droen, fir dass mer hei weisen, dass eis dat ganz eescht ass an dass mer wierklech och wëlen eis Aufgaben optimal iwwerhuelen.

Ech wëll vläicht just e puer - mir si schonn zu fortgeschrittener Stonn - wichtig Elementer vum Gesetz skizzéieren. Ech ginn elo net an den Detail, ech wäert ganz schnell driwwerfléien.

Wéi gesot, de Projet de loi behandelt d'Ëmsetzung vun der véierter Direktiv „antiblanchiment“ an och dat Reglement, dat do an deem Kontext ze gesinn ass. Wat geschitt hei? Bon, ënner anerem gëtt de Champ d'application erweidert, präziséiert, d'Lëscht vun de viséierte professionellen Instituter gëtt adaptéiert. Zum Beispill niert de Réviseurs d'entreprises, Experts-comptables, Notairen an esou weider falen och auslännesch Professioneller, déi en libre prestation de services schaffen, an de Champ d'application. Zum Beispill net nëmme lëtzebuergesch Kreditinstituter, mä och auslännescher, déi eng Agence zu Lëtzebuerg hunn, falen ënner d'Direktiv respektiv dës Projet de loi.

Da gëtt och déi Notion vum „bénéficiaire effectif“ präziséiert. Ech mengen, dat ass jo och e Kärelement an deene ganzen Dispositionen. Et geet drëms, fir genau ze wëssen, wien herno um Enn vun de ganzen Transaktionen de Beneficiaire ass, ob dat een ass, deen eventuell suspekt ass, ob dat e Problem kéint sinn, ob dat en Element ass, wou een direkt gesäit, dass do och Wäisswäsche vu Sue kéint am Spill sinn.

De Bénéficiaire effectif, dat kéint eng eenzel, eng individuell Persoun sinn, et kënnen awer och Gesellschaften, Fiduciairen oder verschidde Prestataires de services fir Gesellschaften sinn. An hei mam Projet de loi gëtt präziséiert, wien an enger Gesellschaft oder an enger Fiduciaire an esou weider stellvertretend als Beneficiaire ze considéieren ass an eventuell och muss grodstoen.

Da ginn och am Projet de loi - wéi gesot, ech fuere ganz schnell iwwer e puer Elementer - d'Obligations professionnelles vun den Instituter, vun deene verschiddene Professionellen, déi Transfers de fonds maachen, verschäert: Wat fir eng Information muss gesammelt ginn? Wat muss eventuell gemellt ginn? Wéi gëtt dat dann an deene verschiddenen Organismen oder wéi gëtt dat bei deene Professionelle gehandhabt? Also déi Obligatione ginn och hei méi präziséiert.

Wat och hei ass: Ech géif elo emol soen, et kann een net méi nom Schema 08/15 verfuehren, mä d'Risiko mussen och opgrond vun där Direktiv a mat deem heite Projet de loi méi en profondeur evaluéiert ginn. Et ass eigentlech keng Situation méi, wou een d'office eng Vigilance simplifié kann aleeden. Et muss een also kucken, an dat soll jo och sinn, fir méi präventiv ze sinn, dass ee cas par cas kuckt, méi detailéiert also kuckt, zum Beispill mat de Montanten, wat fir eng Montanten et sinn, firwat se gebraucht ginn an esou weider.

An d'Leit, déi am Finanzsektor schaffen, déi sougenannte PSFen, mussen all Situation unhand vu verschiddene Variabelen individuell - also individuell! - aschätzen an d'Risiko bestëmmen. Bon, et gëtt hinnen awer gehollef. Do ass eng Lëscht vu relevanten Informationen, Facteurs, Variabelen; Informationen also, déi de Risiko vum Client besser hëllefen anzuschätzen. Déi ginn dann och duerch verschidden Annexe mat Indicateuren do beschriwwen. Virun allem ass also d'Zil, fir kënnen méi eng cibléiert Analys ze maache vun op där enger Säit dem Bénéficiaire effectif, awer och eventuell vun deenen eenzelnen Transaktionen, déi gemaach ginn.

An dann och a verschiddene Situationen, do muss wierklech, géif ee bal soen, eng rout Luucht ugoen, wou ee wierklech dann eng Vigilance renforcée eigentlech soll un den Dag leeën. Dat sinn zum Beispill Geschäfte oder Transfere vu Sue mat Clienten aus Länner, déi e Risiko duerstellen. Wann een Transfere zum Beispill mécht, bon, ech wëll elo kee Land nennen, mä awer wou een, ech soen emol, an enger Krichsregion wier, mussen do natierlech rout Luuchten ugoen.

A wat awer och ass, dass soll eis eigentlech och hei alleguerten interesséieren, dass sinn Transfere vu Suen un „personnes politiquement exposées“. Dat ass also och eppes, wat hei an der Direktiv méi speziell erwänt gëtt, well eben do och gesot gëtt, dass do jo awer och e Risiko kéint sinn, dass do vu Korruption bis aner Saache kéinten hannendrustoen.

E puer Präzisionen: Am Gesetz gëtt och déi intern Organisation ugeschwat. Hei sinn eng Rei Indikationen, dat heescht, wou d'Gesetz Ufuerderunge stellt, wéi déi eenzel Firma sech dann och d'Moyenen, d'Kompetenze solle ginn, fir dës Kontrollen duerchzuféieren. Dat geet vu Personal informéiere bis forméieren. Och ginn am Text d'Organismen definéiert, déi d'Erfülle vun deenen Obligations professionnelles iwwerwaache sollen. Hei ënnerscheet een tëschen den „autorités de contrôle“ an den „organismes d'autorégulation“.

Ech mengen, dass ass eng Ënnerscheidung, déi wäicht liicht of vun der Direktiv, wou vun „autorités compétentes“ geschwat gëtt. Mir haten do e klengen Echange mat dem Statsrot, deen do à l'origine eng Opposition formelle hat. Dat hu mer awer du geregelt a präziséiert. Bon, d'Finanzkommission, déi huet an hiren Amendementen de Choix geholl, fir dës zwee Begrëffer also ze benotzen, an eben och méi kloer d'Befugnisse definéiert. An de Statsrot konnt awer domadder d'accord sinn.

Mir hunn op där enger Säit d'Autorités de contrôle - d'CSSF, de Commissariat aux assurances, den Enregistrement -, op där anerer Säit d'Organismes d'autorégulation, dat sinn den Institut des réviseurs d'entreprises, den Ordre des experts-comptables, d'Chambre des notaires, den Ordre des avocats, d'Chambre des huissiers an esou weider. An dat heescht, souwuel d'Autorités de contrôle wéi awer och déi Organismes d'autorégulation sollen also ëmmer kucken, déi zwou Kategorië vu Kontrollorganismen solle kucken, an hirem Kompetenzberäich de Suivi effectif vun de Professionellen ze maachen. An am Projet de loi gëtt dann eben och de Pouvoir de surveillance vun der Autorité de contrôle an den Organismes d'autorégulation nach eng kéier definéiert, souwäit dat net an anere Gesetzer scho gemaach gëtt.

Bon, am Gesetz gëtt och en Dispositif en place gesat, fir d'Transparenz an d'Tracabilitéit vun den Transferts de paiement iwwer hir ganz Kette kënnen ze garantéieren. Et ass jo net nëmmen, dass een eventuell e Virement huet vun der Persoun oder vun der Gesellschaft A op eng Persoun B, mä heiansdo hëlt dat ganz komplizéiert Weeër, soudatt een also och muss kucken, dass een déi verschidden Etappe bei Geldiwwerweisung kann novollzéien an dat och iwwerall ka kontrolléieren.

Vläicht nach kuerz, fir net ze laang ze ginn: Et gëtt och nach vläicht ee Punkt, deen ee ka soen, dass et och Petitione ginn huet, och zu den Amendes administratives, déi d'Autorités de contrôle - CSSF, Commissariat aux assurances an Enregistrement - kënnen ausschwätzen. Ech mengen, déi Kompetenzen an deem Beräich vun den Organismes d'autorégulation, déi si jo an anere Gesetzer, och schonn zum Deel an hire respektive Gesetzer, an hire Loi-organiquë festgeloucht. An dann, well mer hei jo och d'Reglement mat ëmsetzen am Projet de loi, do gëtt dann och nach präziséiert, dass d'CSSF do de Pouvoir de contrôle an der Enquête huet, wat d'Applikation vum Reglement ass.

Bon, ech sinn elo sécherlech net op all Elementer agaangen. Dir wäert mer dat verzeien. Ech hunn och elo net all d'Avisen en détail hei duerchgeholl. Dir kënnt dat a mengem schrëfteleche Rapport noliessen.

Vläicht nach eng Remark zu enger Opposition formelle vum Statsrot, wou e puer Navetté ge-

maach gi waren. Dat war ënner anerem, wou et och ëm d'Amendé gaangen ass, wou de Statsrot ënner anerem an enger Variant proposéiert hat, fir déi ewechzeloossen. Mir hunn awer fonnt an der Cofibu, dat wier e schlecht Signal no bausse gewiescht, e schlecht Signal un de GAFI oder soss, soudatt mer gesot hunn: „Mir wëllen awer déi Variant hunn, wou weiderhin Amendé bestoe bleiwen“, a wou mer dann dat esou formuléiert hunn, dass de Statsrot domadder ka liewen.

Bon, eng Fro hei - ech hunn dat elo net am Rapport -, an der Kommission, mengen ech, hate mer eng kéier ganz kuerz gesot, et kéint ee sech natierlech déi Fro stellen: Mir liewen an enger Welt, wou déi elektronesch Währung Bitcoin an aner Kryptowährungen - oder wéi ee se soll nennen - och ëmmer méi Zoufloss hunn oder ëmmer méi opkommen, dass ass schwéier erfaassbar. Mir wëssen och, dass iwwer Darknet Saachen, Fluxe geschéien, déi schwéier an de Grëff ze kréie sinn. Op alle Fall, hei kann een zu deem Moment, wou et aus - ech soen emol - dem Bitcoin a reell Währung geet, spéitstens do oder fréiestens do op alle Fall och mat dësem Gesetz awer usetzen.

Voilà, dass waren a kuerze Wieder déi wichtigst Elementer. Mä fir et awer nach eng kéier ze soen: Et ass eigentlech e ganz wichtige Projet, wou mer weisen, dass mer och ganz determinéiert sinn an der Lutte géint de Blanchiment vu Suen am Kader vum Terrorismus, am Kader vun der organisierter Kriminalitéit. An ech mengen - wéi ech dat gesinn hunn an der Kommission -, dass mer hei e groussen Accord dozou kréien. Ech sinn och frou, dass mer dat haut da kënnen ofschléissen, well mer effektiv, bon, net a Verzug sinn, mä well et awer héich Zäit ass, fir dass mer dann och dat kënnen op Bréissel schécken.

Dat gesot, wëilt ech och nach den Accord vu menger Fraktion zu dësem Projet de loi ginn a soen lech Merci fir Är Opmierksamkeit.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och. An d'Wuert huet elo den Här Laurent Mosar.

### Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV). - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass scho virun ugeschnidde ginn: Dee Projet, dee mer haut de Mëtten hei diskutéieren, ass en extrem wichtige fir d'Reputation vun eiser Finanzplaz, awer och fir d'Reputation vun eise Land. An duerfir, muss ech lech och soen, ass et ëmsou méi bedauerlech, dass mer - an ech fannen et flott, wéi de Rapporteur dat op eng ganz duuss Manéier ausgedréckt huet -: „liicht am Verzug“ sinn, wat d'Ëmsetzung betrëfft. Mir sinn hei awer ganz substanzuell en retard!

An et ass net deen eenzeg an deen éischte Projet, wou mer dat sinn. Ech erënnern drun, dass een aneren, vläicht gradesou wichtige Projet och fir d'Banken an d'Finanzplaz - MiFID II - nach ëmmer net transposéiert ass. Och de PDS, de sougenannte PDS-Projekt ass net transposéiert. Ech muss lech einfach soen, Här Minister, dass ass net glécklech! Dir maacht vill Efforten, déi mer begreissen, fir vu schwaarzen, groe Lëschten erofzekommen. A mir wëssen alleguerten, dass mir hei ganz speziell ëmmer am Viséier stinn. An duerfir ass et fir eis schwéier akzeptabel, dass mer bei esou wichtige Gesetzer et net fäerdegbréngen, déi am Delai ze transposéieren. Dass schuet der Reputation.

An ech wëll och hei eng kéier ganz kloer betounen: Dass ass wierklech net d'Schold vun deenen exzellente Beamten, déi bei lech am Finanzministère schaffen. Ech mengen, dat si Leit, déi wierklech extrem vill ze dinn hunn. Et ass och net, dass wëll ech eng kéier soen, hei d'Schold vum Statsrot, wéi et oft duergestallt gëtt: de Statsrot hätt hei schrecklech laang gebraucht, fir seng Avisen dozou ze bréngen. Ech mengen, dass et einfach hei drëm geet, dass Are Ministère net staark genuch um Niveau vun den Effektiven opgestallt ass. Dat hu mer schonn e puermol hei d'ailleurs gesot a mir gesinn et ëmmer erëm. Duerfir regrettéiere mer, dass mer et hei wéi bei anere Projeten einfach net fäerdegbréngen, déi Direktiven am Delai ëmzesetzen.

Dat gesot, wëll ech awer fir d'Alleréischte e ganz, ganz grouse Merci un de Rapporteur, den Eugène Berger, richten, deen net nëmmen d'Debaten exzellent dirigéiert huet, mä och eis e ganz, ganz gudde schrëftelechen a mëndlechen Rapport hei ofgeliewwert huet.

Ech wollt ganz kuerz fënnef Remarken zu fënnef ganz präzise Punkte maachen an duerno zum Schluss awer nach op eng Thematik





agoen, déi menger Fraktioun a mir ganz staark um Häerz läit.

Fir d'Alleréischt eng éischt Remark, an ech mengen, dat ass och diskutéiert ginn, et ass och an deene verschiddenen Avisen, ganz besonnesch an deem vum Statsrot, ëmmer erëm inkriminéiert ginn: Dat ass d'Fro vun de Sanktiounen. Mir hunn hei zwou Zorte vu Sanktiounen: Mir hunn administrativ Sanktiounen a mir hu penal Sanktiounen. Dat sinn Amendes, déi ee kennt, oder d'Juriste kennen alleguerten de Prinzip vum „non bis in idem“. Hei gëtt also eng Infraction zweemol mat enger equivalenter Strof bestrooft. Dat ass eiser Meenung no net normal. Et ass opgeworf ginn, an ech géif och do wierklech en Appell un de Finanzminister maachen, datt mer am Kader vu méi enger grousser Reform wierklech eng Kéier deen dote Problem léisen.

Dat féiert mech dann och dozou, op en anere Punkt anzugeen, deen net nëmme mir um Häerz läit. Dat ass dee fundamentale Problem vun der CSSF, déi op där enger Säit Juge ass, op där anerer Säit awer och Partie ass oder Partie a Juge ass. Virun e puer Deeg hat zu Recht, fannen ech, de Kolleg Franz Fayot déi Fro do opgeworf, well et eng Fro ass, déi ganz vill Leit sech an deem Land stellen. An ech hunn och wéi de Franz Fayot deen Interview gelies gehat vum Här Marx dozou, deen ugeknegt huet, datt et do zu enger Reform géif kommen.

An ech wollt do wierklech nach eng Kéier op déi absolut Necessitéit hiweisen an datt mer hei an enger Situatioun sinn, déi juristisch net gesond ass. Déi ass gläichzestell mat der Situatioun vum deemolege Statsrot. Hei hu mer eng Institution, déi ass Partie, déi mécht awer och oder déi sprécht herno och Sanktiounen, dat ass net gutt. An ech soen lech och, fréier oder spéider wäert dat do eis iergendwéi eng Kéier bei den Europäesche Geriichtshaff respektiv bei de Mënscherechtsgeriichtshaff op Stroossbuerg féieren.

Duerfir nach eng Kéier, Här Minister, ech wär frou, wa mer endlech déi Anormalitéit do eng Kéier géife geregelt kréien. A mir brauchen onbedéngt do zwou verschidden Institutionen.

En zweete Punkt, op deen ech wëll agoen, deen och schonn haut e puermol am Kontext vun anere Projet-de-loien zitéiert ginn ass, dat ass dee vum Dateschutz. Och am ganze Finanzsektor gëtt den Dateschutz eng ëmmer méi wichteg Fro. A wa mer vum Dateschutz schwätzen, schwätze mer jo fir d'Alleréischt och vun deene sougenannten „fishing expeditions“, déi mer net wëllen! Hei ginn an Zukunft an och elo schonn Daten echagéiert, mä déi Date solle fir eng präzise Demande, fir ee präzisen Dossier echagéiert ginn. An et kann net sinn, datt déi herno gebraucht gi fir aner Dossier. Dat muss séchergestallt ginn.

An do stelle mir eis eng Rei vu Froen, a mir net eleng. An ech géif wierklech och do nach eng Kéier den Appell hei maachen och un den zoustänneg Minister, datt mer wierklech, wat de Respekt vum Dateschutz betrëfft, ganz genau oppassen, u wien déi Daten och an Zukunft transmettéiert ginn.

En nächste Punkt ass och scho virdru vum Rapporteur ugeschwat ginn, dat ass deen, datt mer déi Notioun vun „bénéficiaire économique“ jo u sech elo ëmänneren an eng Notioun vun „bénéficiaire effectif“. Dat heescht, mir schwätzen elo net méi, wéi dat bis elo ëmmer üblecherweis de Fall war, vun „bénéficiaire économique“, mä et ass elo „bénéficiaire effectif“. Dat fanne mir u sech och eng gutt Saach, et ass méi kloer, vun engem „bénéficiaire effectif“ ze schwätzen. Allerdéngs hu mir nach eng ganz Rei vun Texter, Här Minister, wou am Moment nach „bénéficiaire économique“ drasteet!

An ech hunn et d'lescht Kéier schonn eng Kéier an der Finanzkommissioun gesot, datt et absolut wichteg wär, datt mer och elo an deenen Texter an Zukunft, oder elo schonn, vun „bénéficiaire effectif“ géife schwätzen, well et wär net gutt, wa mer an Zukunft zwou Notiounen hätten, déi vum „bénéficiaire économique“ an déi vum „bénéficiaire effectif“. Dat féiert zu enger juristescher Unsécherheet. An Dir wësst, datt dat Gëft ass generell am Recht, awer och ganz besonnesch hei am Finanzrecht.

Eng lescht Remark zu engem Punkt, deen och zu villen Diskussiounen gefouert huet an och nach ëmmer féiert, dat ass d'Protektioun vum Secret professionnel. Ech mengen, och dat ass eppes, wat deene meeschte Kollegen hei um Häerz läit. Ech fannen, datt mer an deemem Projet eng gutt Léisung fonnt hunn. Et ass hei kloer festgeluecht ginn, datt d'CSSF just kompetent ass fir déi Organismen, déi Associatiou-

nen, déi ënner hirem Contrôle sinn. Wat awer all déi aner Professionen betrëfft, sinn et bien entendu déi verschidden Organismen, déi do zoustänneg sinn, ob dat fir d'Affekoten oder fir d'Reviseure gëllt. Ech mengen, datt dat wichteg ass, datt een hei awer nach kloer déi Distinction do respektéiert.

Mir wäerten also, Här Minister, Kolleginnen a Kollegen, dese Projet stëmmen, well et fir eis effektiv en extrem wichtige Projet ass an deem Kampf géint d'Wäisswäsche vu Suen, e Kampf, mengen ech, deen eis alleguerten um Häerz läit.

Ech wëll awer zum Schluss op ee Punkt agoen, dee menger Fraktioun a mir ganz vill Kappzëcher mécht. An do geet et ëm d'Bekämpfe vun der Wirtschafts- an der Finanzkriminalitéit. Ech mengen, dat ass e Sujet, dee jiddwerengem wäert ganz staark um Häerz leien. A mir wëssen, Här Minister, datt do 2020 wäert e Rapport vum GAFI kommen. Dat heescht, mir hunn elo schonn ee Joer, dat heescht d'Joer 2017, wou mer Zäit hatten, eis do ze conforméieren. Mir sinn elo 2018. Mir hunn dann nach d'Joer 2019. An da kënnt de Rapport.

An ech wëll awer hei fir déi Kollegen, déi sech vläicht elo manner mat där Thematik beschäftegen - well ech weess, datt Dir dat natierlech wësst, Här Minister -, soen, datt et nei Regele gi beim GAFI an datt et haut net méi nëmmen duergeet, kënnen ze beweisen, datt een all Projete an international Reglementatiounen transposéiert huet. Ech mengen, datt do keen eis kann e Virwurf maachen. Och wa mer heiansdo e bëssen a Verspéidung sinn, hu mer do generell eis Hausaufgabe gemaach. De GAFI wäert awer an Zukunft och wat si nennen déi sougenannt „effectiveness“ appreciieren.

Wat ass dat? Mä dat ass d'Ëmsetzung vun de Gesetzer, déi mer stëmmen. An d'Ëmsetzung, dat ass natierlech och d'Poursuite vu Wirtschafts- a Finanzkriminalitéit. An do muss ech lech soen, Här Minister, do sti fir 2017 am Moment null - null! - Affären, déi poursuiviéiert gi sinn! Ech weess net, wéi et elo fir 2018 geet, ob der do e puer wäerten derbäi kommen. Ech kann lech just soen, wa mir um Enn vun 2019 och nach ëmmer null op eiser Zensur stoen hunn, da kréie mer e Rapport, dee sech wäert gewäsch hunn. An dee Rapport, dee wäert duerch d'ganz Weltëffentlechkeet goen.

An da loosst mech vläicht Folgendes soen: Ech hu mer emol ganz genau de Rapport ugekuckt vun der CSSF, déi iwwregens, wëll ech hei eng Kéier betounen, eng exzellent Aarbecht mécht. Déi CSSF huet am Joer 2017 ganz genau fënnef Sanktiounen ausgeschwat. Bei deene fënnef Sanktiounen ass eng derbäi - an Dir wësst dat, dat kënnt selte vir -, wou se souguer den Numm vun der Bank genannt hunn, déi do eng ganz Rei vun Irregularitéite begaangen huet. A si huet do, Här Minister, an Dir wësst dat, eng Amende vun néng Milliounen Euro prononcéiert, néng Milliounen Euro! Dat ass also net, well déi Bank net zur Zäit hire Bilan publizéiert huet. Déiselwecht Bank ass fir deelweis déiselwecht Faiten an enger ganzer Rei vun Länneren poursuiviéiert ginn, wou Dirgeanté vun der Bank entre-temps am Prisong setzen! Hei zu Lëtzebuerg ass nach näischt - nach näischt! - an deem Dossier do geschitt!

Ech nennen en aneren Dossier, wou et genau d'selwecht ass: Affär Havilland. Dir kennt dat, och eng Affär, déi duerch d'ganz international Media gaangen ass, déi och eng Rei vu Repercussiounen hei zu Lëtzebuerg huet. Och do ass strictement näischt geschitt!

Abee, ech mengen, et läit eis alleguerten um Häerz, datt mer eng propper Finanzplaz hunn. Mä mir kënnen déi bescht Regele vun der Welt hunn, mir kënnen déi bescht Gesetzer hunn, nach mussen awer och déi Leit, déi sech do strofbar maachen... Kommt, maache mer eis do näischt vir, bei där enger Bank leie ganz, ganz schwéierwiegend Infractionen vir! Et kann awer net sinn, datt do näischt nokënnt!

An duerfir wär eise Wonsch, Här Minister, datt Dir dat awer kuckt, zesumme mat Äre Kollegen, well Dir sidd duerfir net eleng zoustänneg, dat ass sécherlech de Justizminister, dat ass och zum Deel de Polizeiminister. Mä ech mengen, Dir sidd mat eis eens, datt dat do e reelle Problem ass an datt mer do ganz intensiv mussen dru schaffen, wa mer net wëllen en déckt Lach am Kapp hunn, spéitstens 2020.

Ech soen lech Merci. Mir wäerten dese Projet natierlech stëmmen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Nächste Riedner ass den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Jo, Merci, Här President. Och vun eiser Säit e Merci un de Rapporteur Eugène Berger fir säi gudde Rapport. Et ass richtig, dass dat heiten en extrem wichtigen Text ass fir Lëtzebuerg, well mir kennen alleguerten eis Virgeschicht mat Antiblanchimentstexter. Mir wëssen och, dass dat am Fong de Grond war fir d'Problemer vun eiser Finanzplaz, firwat mer am Global Forum virun enger Partie Joren op eng schwaarz Lëscht geflu sinn ënnert deem viregte Finanzminister. Och deemools war schonn en „effectiveness“-Test an där Peer Review, och deemools ass schonn net nëmme gekuckt ginn, ob mer d'Texter ëmgesat hätten, mä ob mer effektiv géifen eis Hausaufgabe maachen an der Jurisprudenz, an der Aart a Weis, wéi déi Transparenz do géif exercéiert ginn.

An, bon, ech héiere mat enger gewëssener Satisfaktioun vum CSV-Spriecher, wivill him dat um Häerz läit. Dat ass dann e partagéierte Souci, dee mer alleguerten hunn. An ech mengen, et ass dese Ministeren, och deser Regierung héich unzerechnen, dass mer haut esou eng transparent Finanzplaz hunn an dass mer och déi Texter, wéi deen Antiblanchimentstext hei haut, dann esou ëmsetzen.

Déi véiert Direktiv „antiblanchiment“ huet am Fong déi grouss Neiegkeet, dass mer wierklech an déi „risk-based approach“ do eraginn. Dat wäert eng gewëssen Ëmstellung mat sech bréngen. Et ass och gesot gi vum Eugène Berger, dass elo schonn AMLD V ënnerwee ass. Mir wëssen och, dass mer déi zwee Texter hu mat de Registres des bénéficiaires effectifs, déi mer deemnächst mussen ëmsetzen hei bei eis zu Lëtzebuerg.

Dat heescht, am Antiblanchiment deet sech munches. Dat ass sécher mat enger Partie Oploe verbonnen, mä ass awer am groussen Ganzen eng gutt Saach fir d'Ethik vun der Finanzplaz. An aus deem Grond stëmme mir als LSAP-Fraktioun diesen Text och selbstverständlech mat.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Den Här Kox huet d'Wuert.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Jo, Merci, Här President. Ech wëll mech hei den Ausféierunge vu mengem Virriedner uschlëssen. En ass ganz

kloer op de Punkt agaangen. An net ouni awer hei och dem Rapporteur e Merci ze soe fir säi schrëftleche Rapport an natierlech och seng mëndlech Ausféierungen, ginn ech dann den Accord vun der grénger Fraktioun fir dëst Gesetz. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Den Här Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Jo, Merci, Här President. De Kampf géint de Blanchiment vu kriminelle Gelder an och géint d'Finanzéierung vum Terrorismus ass extrem wichteg. Hei ass en Text an déi Richtung a mir droen e mat.

Nawell muss ech drop opmierksam maachen, datt an der Praxis Saache schifflafen. Et ass schonn drop opmierksam gemaach ginn: Ganz oft gëtt et Sanktiounen op administrativem Wee fir reng formell Feeler, déi geschitt sinn, mä et gëtt net déi entspreichend Poursuite vum Parquet bei Infractionen.

Ech hat perséinlech eng Affär, wou e Certificat de bénéficiaire économique gefälscht ginn ass. Déi Persoun, déi e falsche Bénéficiaire économique uginn huet, ass net zu enger Prisongsstrof veruerteelt ginn. Et ass e bësse wéi bei der Traite des êtres humains: Dat eent ass Text, wat een huet, an dat anert ass eng konkret Politique de poursuite, déi muss do sinn.

D'Traçabilitéit hu mer haut schonn, d'Traçabilitéit vu Flux financiers, mä dat därer net derzou féieren, datt normal Mënschen an hirem normale Liewen - ech soen dat Wuert elo - emmerdéiert ginn! Wann eng Persoun A en Haus keeft an hir Bank iwwerweist déi Suen op de Kont vum Notaire, dee jo d'Missioun huet de par la loi, dat dann ze verdeelen un de Vendeur, eventuell d'Steieramt, da geet et d'Bank vum Notaire näischt un, fir deen Akt ze kréien. Dat ass dat, wat haut geschitt. A fir se ze nennen: Et ass d'Spuerkeess, déi systematesch nofreet, Akten ze gesinn, wou si weder de Banquier ass vun deem, dee keeft, nach vun deem, dee verkeeft. Dat huet näischt méi ze di mat Lutte géint kriminell Gelder. Dat ass eng Ingerence an eng Confidentialitéit vun de Leit. An dat ass net akzeptabel!

Et ass falsch, datt do an déi dote Richtung agéiert gëtt. Dat eent sinn Texter, mä dat anert ass, wéi se applizéiert ginn. An do kann ech nëmmen dozou opruffen, datt mer op där enger Säit richtig kriminell Akte richtig poursuiviéieren, an op där anerer Säit, datt mer net déi normal Mënschen, ech soen et nach eng Kéier, emmerdéieren!

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Den Här Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Jo, ech wäert mech kuerzfassen. Mir wäerten des Transpositionen, also dese Projet de loi selbstverständlech mat ënnerstëtzen, well en och eben dee Kader am Kampf géint de Blanchiment setzt. A mir wësse jo och, datt duerno nach weider Schrëtt wäerte misse ëmgesat ginn an datt do och d'Diskussiounen wäerten nach méi spannend ginn. Mä op jidde Fall, eis Stëmmen huet dese Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet de Finanzminister, den Här Pierre Gramegna.



Suivez la Chambre des Députés  
sur Facebook, Twitter et  
Instagram

